

déi *K*onservativ

Pressematdeelung

16.11.2017

Nee fir d'Internationaliséierung vun der Fonction Publique!

D'Partei **déi Konservativ** reagiert via Pressematdeelung mat scharfer Kritik un d'Adress vum Inneminister Dan Kersch an d'Regierung, déi laut Interview-Ausso, mat enger weiderer Ouverture fir den Accès vun Ausländer an de Staatsdénsgscht sympathiséieren. Gambia rëselt also weider un de Grondfeste vum Staatsdénsgscht, an dreift d'Internationaliséierung vum Land virun, andeems elo weider nationalsouverän Grondlagen iwver Bord gehäit ginn. Mat der éischer Internationaliséierung vum Staatsdénsgscht am Joer 2009, gouf de Kritär vun der Lëtzebuerger Nationalitéit schonns eemol entwäert – deemools gouf d'Lëtzebuerger Nationalitéit duerch d'europäesch Identitéit ersat.

D'Conditione fir eng Staatsplaz gesinn deemno op Basis vun der jëtzege Gesetzesgrondlag e.a vir, datt een der Lëtzebuerger Sprooch mächtig si muss, souwéi am Besëtz vun der Nationalitéit aus engem EU-Memberland (mat Ausnahm fir d'ëffentlech Staatsgewalt a fir all d'Posten, déi der genereller Interesseverriedung vum Staat verschriww sinn, oder als juristesche Persoun vum ëffentleche Recht wou d'Lëtzebuerger Nationalitéit zielt). Sou begréissenswäert a batter néideg eng Reform vum Staatsexamen an eisen Aen ass, sou defavorabel positionéiert sech d'Partei déi Konservativ, géintiwver dem Verloscht vun der wichteger Nationalitéitscondition.

Wat genee huet den Här Inneminister wëlles? Soll dann elo Jiddereen Accès an d'Fonction Publique hunn? Soll Jiddereen den nationalsouveränen Exercice kënnen wouer huelen? Soll d'Fonction publique elo an d'Hand vum Ausland goen? Ass dat hei d'Hannerdier fir d'Ausländerwahlrecht?

gezeechent,

déi Konservativ